INFO | www.garnich.lu | Tél: 38 00 19-65 | culture@garnich.lu

ORGANISATIOUN: KULTURKOMMISSIOUN GEMENG GARNICH

**VERÄINSHAUS GARNICH**
6 rue des Sacrifiés
L-8356 Garnich

**LOUNGE GEMENG GARNICH**
15 rue de l'École
L-8353 Garnich

**KELLER SPILLSCHOUL DUELEM**
3 rue de l'École
L-8352 Dahlem




GRATIS ENTRÉE

2015 Klengkonschtfestival

**VUM 8. BIS 10. MEE 2015**

AN DER GEMENG GARNICH

Fir Iessen a Gedrénks ass gesuergt!

GEMENG GARNICH

GRATIS ENTRÉE

2015 Kleng konscht festival

CONCERT – CABARET – LIESUNG – THEATER





BRASSERIE RESTAURANT BAESCH
Mme Scharlène Ballavoisne

BLUMENTHAL
JARDINAGE ET HYDROCULTURE

BGL BNP PARIBAS

DEMYSCHANDELER

MUSIC & TOOLS

Immo DONDLINGER
AGENCE IMMOBILIÈRE

SANITHERM S.à r.l.
6, rue des 3 Cantons
L-8354 GARNICH
Tél.: 38 01 93
Fax 38 03 71

Vicente et fils

stage music

# Klengkonschtfestival 2015

**Veräinshaus Garnich & Kapell Héiweng**
**Theater a musikalesch Geschichten mat Live-Musik**
Nëmmen fir d'Schoulklassen

## Carlo Koffer




Wësst dir firwat de Carlo Koffer do ass? Firwat brauch een deen iwwerhaapt? A wat ass alles an him dran?
Déi Froën stellt de Carlo Koffer sech och scho säit laangem. Enges Daags geet et him duer an hie wëll rausfannen wat an him dran ass.
Ob him dat geléngt a wat hien op dëser Entdeckungsrees alles erliewe kann, dat gitt der an dëser musikalescher Geschicht fir Kanner gewuer.
Geschriwwen an erzielt vum Micky Thein a musikalesch interpretéiert a live gespillt vum Tom Braquet.

## D'Elisa, de Liso an dee schwaarze Ritter



D'Prinzessin Elisa huet Problemer: Si kann einfach net folgen, a sech um Schlass als Prinzessin behuelen. Si ass queesch, wiert sech mat Hänn a Féiss. Duerfir gëtt si vun hirem Papp dem Kinnik gestrooft. Esou léiert si de Liso kennen, si gi gutt Frënn. Dee schwaarze Ritter, deen et op de Räichtum vum Kinnik ofgesinn huet, lauert der Prinzessin op an entféiert si. Wat hir, an der ganzer Famill geschitt, dat gitt dir hei an der spannender Geschicht gewuer.
*Josée Bourg: Auteur, Erzielerin*
*Lisa Berg: Musek, Cello*

## Den Zaff an d'Zauberflüt



Et wor eemol e Bouf, dee konnt wonnerbar Flütt spillen. Dofir huet jiddereen hien de Flüttespiller genannt. Awer och soss war hien ganz geschéckerlech an alles wat en ugepaakt huet, goung him an d'Rei. Sou huet et net laang gedauert, bis him noge-sot gouf, hie wär en Zauberer.
Enges Daags gëtt hien bei de Kinnik geruff. "Du solls zaubere kënnen. Abee, beweis et!" De Flüttespiller muss 3 Rätselen léisen… 3 onméiglech Rätselen. Geléngt him et fir se ze léisen? A wien hëlleft him heibäi? Abee, dir wäert ären Oueren net trauen.
*Eng Produktioun vum Traffik Theater Lëtzebuerg | Dan Tanson: Konzept, Erzielung | Tomma Wessel: Flütt | Manuela Bucher: Flütt | Nicole Vandevelde: Kostüm*

# Freides 8. Mee

GRATIS ENTRÉE

**19:30 Veräinshaus Garnich**

### Cabaret "Lëtzebuerg de Lëtzebuerger" Mam Pierre Puth a Paul Dahm



Am Kader vun der Ausstellung „Satirische Literatur in Luxemburg" huet de Pierre Puth 2013, begleet vum Paul Dahm um Piano an um Saxofon, e satiresche Virtrag gehal mam Titel „Lëtzebuerg de Lëtzebuerger: Exkurs iwwer eis Identitéit - vum Grof Siegfried bis bei de Lex Roth a vun der Melusina bis bei d'Lea Linster."
Dee Virtrag hat op ee Coup sou gutt ageschloën, datt en zënterhier iwwer 50 Mol uechter d' Land gebuede gouf.

Mat der Iwwerschrëft „Lëtzebuerg net nëmmen de Lëtzebuerger" an ënnert dem Motto „Mir wëlle bleiwen, wat mer guer net sinn" (Zitat vum Mars Klein) bréngt de Pierre Puth, zesumme mam Paul Dahm als Musiker, nei satiresch Variatiounen a majeur an a mineur zu dësem Thema.

**21:15 Veräinshaus Garnich**

### Concert "Raquel Barreira & Band" *(Fado)*




Raquel Barreira, c'est un sourire, une énergie, une voix, des envies. « Je ne suis pas une fadista, je n'assumerais jamais comme une fadista, mais le fado est dans ma vie». Raison pour laquelle le troisième CD, «Momentos de Fado», était si important pour la plus Luxembourgeoise des Portugaises du pays.
Ancienne chanteuse de Brainchild, le seul groupe de rock portugais du Grand-Duché, Raquel Barreira a collaboré avec de nombreux artistes du pays. Avec Thierry Van Werweke pour le projet «Taboola Rasa», avec Thierry Kinsch sur «Imagens» et en 2005, séduite par le jazz, elle accouche de l'album «Notas Soltas» avec les compositeurs Al Lenners et Georges Urwald.
Avec ses habituels acolytes de concert, João Godinho (guitare portugaise) et Paulo Simões (guitare acoustique), Raquel Barreira a concrétisé cette irrésistible envie de faire du fado et de rendre hommage au patrimoine de son pays natal dans «Momentos de Fado». Elle y reprend des airs de fado, pas tous hyper connus, mais très mélodieux et forts sentimentalement. Au passage, elle tisse ainsi un lien indestructible entre l'enfant heureuse qu'elle fût à Lisbonne et la femme épanouie qu'elle est à Luxembourg.

# Samschdes 9. Mee

GRATIS ENTRÉE

**17:00 Lounge Gemeng Garnich**

### Liesung "Monique Feltgen" *(Krimi)*



D'Monique Feltgen, Joergang 1965, liewt a schreiwt zu Steesel ! Hire Schaffdag ass 8 Stonne laang. D'Fra a Mamm ass derniewt dann eng passionnéiert Schreiwerin. Kriminalromaner op däitsch, déi zu Lëtzebuerg spillen, fléissen hir am Beschten aus der Schreiwpatt.

Nodeems d'Monique Feltgen sech virgestallt huet, presentéiert d'Schreiwerin Texter aus de Bicher „Showdown in Esch", „Verschwörung ob der Musel" an „Endstatioun Steeseler Plateau". No der Liesung kann ee mam Monique Feltgen „literaresch" diskutéieren.

*Weider Info op www.krimi.lu.*

**20:00 Veräinshaus Garnich**

### Cabaret "Batter Séiss" *(Op Reservatioun)*





2011 hu sech 9 theater- a musekbegeeschtert Leit zesummefonnt fir ee méi spezielle Cabaretsgrupp ze grënnen, an zwar de Cabaret Batter Séiss.

Dat nom Motto: „Humor a Spaass am Glas, dat ass très chic, gemixt mat Witz an och Kritik, keng Angscht dovu kritt keen den Hick, komm a genéiss, de Cocktail Batter Séiss."

De Publikum kritt ee Mix aus Texter a Lidder, déi zum gréissten Deel selwer geschriwwe sinn, servéiert. Et gi Geschichten aus dem Alldag erzielt déi mat Humor preparéiert, sprëtzeg servéiert, eng Viraussetzung sinn datt gutt gelaacht gëtt.
D'Equipe besteet, genau wéi de Numm et seet, aus engem Batter Séisse Cocktail, gemixt aus Jonk an Al, Grouss a Kleng, Mann a Fra, Museker/innen an Actricen/euren.

Erliewt och dir hire neie Cabarets-Programm „Laache mir ?". Gratis Plaatzen ginn et just op Reservatioun bei der Gemeng Garnich !

# Sonndes 10. Mee

GRATIS ENTRÉE

**11:00 Keller Spillschoul Duelem**

### Concert "Guy Schadeck 5tet" *(Jazz)*



A senger aktueller Formatioun besteet de „Guy Schadeck 5tet" säit 1995. Bis Haut goufen an In- an Ausland iwwer 100 Concerten gespillt. De Grupp huet sech spezialiséiert am „Cool Jazz" an inspiréiert sech un Jazzmusiker wéi de Gerry Mulligan oder den Chet Baker. Entdeckt de neie Sall zu Duelem dat an engem gemittleche Kader.

*Guy Schadeck: Saxofon, Flütt | Pierre Boespflug: Piano | Charly Davot: Batterie | Jean-Luc Deat: Bass | Melvin Burger: Trompett*

**19:00 Veräinshaus Garnich**

### Show "La Graine du Fou"



„Jeux de piste, jeux de rue" est un spectacle détonnant et rebondissant ! Gustave Marcel, habille jongleur, envoie tout en l'air sans en laisser tomber une miette ! Un „One man show" aux multiples facettes des arts vivants. Jonglerie, cirque, magie, poésie et rire sont au rendez-vous.

Un spectacle grand public qui s'adresse à tous, une émotion à partager ensemble. Gustave Marcel vous emmène dans son univers burlesque, un grand moment de détente et une véritable évasion.

**20:30 Veräinshaus Garnich**

### Concert "Les Gavroches"



Les Gavroches sont 3 musiciens, Jérôme Klamm au chant, Daniel Bertucci à l'accordéon et Julien Bertucci à la guitare, qui avec leur musique vous proposent un petit voyage dans le temps, à l'époque des guinguettes et des bals populaires.

En passant par les chansons de Jacques Brel, de Brassens ou de Fréhel, en faisant un petit détour par la môme Piaf ou encore Monsieur Renaud, retrouvez des chansons qui avaient des histoires à raconter et des mélodies sur lesquelles un couple pouvait et peut encore toujours danser.